

den Décrochage ass, dee méi wéi zwee Joer Retard scolaire ass vu jonke Leit. Dat ass de Redoublement. A mir hunn an eise Primärschoulen onheemlech vill Redoublement.

Wann ech par ailleurs kucken, vun deene ronn 800 Schüler, déi an de Préparatoire orientéiert ginn, déi am Joer dohinner ginn, si 40%, déi nach net am sechste Schouljoer sinn. Dat ass natierlech dann en immens groussen Effort, dee muss gemaach ginn, fir deene Kanner erëm zu enger Qualifikatioun an zu enger Motivatioun ze verhëlfen. Duerfir setzen ech grouss Hoffnungen an dat Primärschoulgesetz an déi Reform, déi dorausere entsteet, fir eben ze verhënnere, dass et esou wäit kënn, dass mer d'Kanner esou demotivéieren, dass se erëm mat vill Méi mussen opgebaut ginn.

Ech wëll och fir de Préparatoire soen, dass mer d'Halschent vun deenen 800 Schüler, déi an de Préparatoire orientéiert gi sinn, elo suivéieren, säit mer déi besser Datebanken hunn, a fënnef Joer duerno ass d'Halschent vun hinnen an engem classeschen Ausbildungsdeal. Dat heescht, si sinn op de CATP an d'Formation professionnelle erakomm, Verschiddener op den Technique a ganz, ganz selten an e classesche Lycée. Mä ëmmerhi bréngt se et fäerdeg, fir d'Halschent vun deene Schüler erëm esou opzebauen, dass se zréck an de Schoulcircuit fannen, wat ech eng gutt Leeschtung fannen.

Dir froet mech elo: Wat ass d'Äntwert fir déi aner?

Mir hu jo virun engem, zwee Joer e Gesetz gestëmmt fir déi Klassen, déi mer COIPs-Klassen nennen, wouhinne de Moment ganz vill Kanner orientéiert ginn. Déi sinn elo e Joer gelaf. Ech hat gehofft, ech kéint lech haut de Suivi gi vun deene Kanner. Dat kann ech nach net. Mir hu misse waarde bis den Dezember, well der do eng ganz Rei amgang sinn, no enger Léier ze sichen, an dat nach net ofgeschloss ass. Ech kann lech déi Chifferen also haut nach net ginn. Och do ass en Opdrag eraus un d'Leit um Terrain, fir de Suivi ze maachen.

Mir wëlle méi Preventioun maachen. Eent vun de Mëttele sinn d'Classes Mosaique. An 13 Lycéeën hu mer esou Klassen, wou Kanner, déi grouss Schwierigkeeten hunn, periodesch erageholl ginn, fir hinnen ze hëllefen a se besser opzebauen.

Mir hunn och mat engem Lycée e Projet duerchgefouert mat relativ vill Succès, fir mat de Redoublantë fir dat Joer, wou se redoubléieren - well déi kritesch Klass jo d'Neuvième oft ass -, e gezielte Programm ze maachen an op hir Schwierigkeeten anzegoen, net einfach e Redoublement ze maachen, mä ze soen: Hei, du muss méi Mathematik maachen, du méi Sproochen, fir deen Niveau u Kompetenzen ze kréien.

Da maache mer natierlech all déi alternativ Schoulen, déi jo am Fong och e Moyen sinn, fir op d'Spezifisitéite vun de Schüler anzegoen. Ech mengen, leider gëtt et net eng eenzel Äntwert, well all Kand, all Jugendléich, deen an der Schoul ophält, ass jo en Échec fir hie selwer, ass en Échec fir eis Gesellschaft, an d'Ursaachen dovunner sinn oft net eenzelner. Et gëtt net eng Ursaach, mä et sinn der vill, déi zesumme kommen. Duerfir muss een eng Betreiuung maachen, déi ganz op déi Jugendléich zugeschnidden ass. An dat ass eng ganz intensiv Betreiuung. Mir sinn och amgang, un engem Projet de loi ze schaffe fir déi Betreiuung, an hoffen, dat eventuell nach ze déposieren an der nächster Zäit.

Ech hoffen dobäi op Är Ënnerstëtzung.

» Mme le Président.- Merci, Madame Minister. Här Adam, wëllt Dir nach d'Wuert ergreifen?

» M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).- Jo, wann Der erlaabt, Madame Presidentin a Madame Minister. Ech hätt am Fong geholl eng Fro, déi méi wäit geet. Ech mengen, dee Problem vum Décrochage scolaire ass jo e bësselchen eppes, wat een haaptsächlech an deene Länner kennt, déi wéi mir mat engem dräiglidrege Schoulsystem funktionéieren. Dat ass och eppes, wat d'Uni Lëtzebuerg ronderëm de Romain Martin zum Beispill kritiséiert. Zum Beispill seet de Romain Martin a sengem leschte Wierk, mir

sollen déi Schüler méiglechst méi laang zesummen enseignéieren.

Ass dat och eppes, wat een als Mesure wéinstens da mëttelfristeg soll ugoen? Wéi gesitt Dir dat?

» Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.- Also, déi Fro do geet awer elo iwwert déi gesaten Zäit vun enger Question avec débat eraus.

Ech kommen nach eng Kéier drop zréck, dass et vill Ursaache gëtt, firwat mer en Décrochage hunn. Et kann ee feststellen, wann een d'Etüd liest, dass déi Länner, déi méi en integrative Modell hunn, effektiv manner Décrochage hunn.

Allerdéngs gehéieren zu engem integrative Modell eng Ausbildung vun den Enseignanten; eng Method, fir Schoul ze halen; eng Benoutung, déi anescht ass; eng Evoloutioun, déi anescht ass, an haaptsächlech gëtt et do kee Redoublement.

A wann Der lech elo referéiert op eng Ausso aus enger Etüd wéi där vum Romain Martin, Chercheur op der Uni an Auteur vun engem Buch iwwert d'Lëtzebuurger Schoul, da gëtt et dach e ganze Koup, déi mussen zesummegeen.

Ech sinn also wierklech e Vertrieeder dovunner, fir d'Integratioun ze praktikéieren a se esou laang wéi méiglech duerchzéieren. Nach soen ech, musse mer eis Konditiounen ginn, an deenen een dat dote ka realiséieren, an déi schaaft een net duerch eng Strukturreform, mä déi schaaft een doduerch, dass een d'Leit forméiert, dass een et fäerdeg bréngt, se zesummezebréngen, an dass mer vill kleng Elementer un der Formatioun änneren.

Ech wëll awer nach eppes dobäi soen. Wann ech d'Population scolaire vu Lëtzebuerg kucken an ech vergläiche se mat där vu villen anere Länner, notament deenen, déi da méi en integrative Modell hunn, dann hunn déi e Prozentsaz vun Ausländer oder vu Kanner mat Migratiounshannergrond, dee variéiert tëschent zwee, zéng a 15%. Mir hunn no deene leschte Chiffré 46%. Dat heescht, mir hunn ee riseg Problem als System, fir déi jonk Leit, déi op Lëtzebuerg kommen, wa se e gewëssenen Alter hunn a wa se schonn eng gewëssen Zuel vu Jore vu Schoul hanneru sech hunn, an eise Schoulsystem ze integréieren. An dat sinn der natierlech vill, déi mer dann herno erëmfannen, déi 12, 13 Joer hunn, wa se op Lëtzebuerg kommen, déi keng vun eise Sprooche vun der Schoul schwätzen, mat deene mer dann natierlech ganz grouss Problemer hunn, fir déi zu enger Qualifikatioun ze bréngen.

Do mengen ech, dass ee muss alternativ Schoulmodeller proposéieren an och Ziler, fir ze erreechen, fir hinnen awer zu enger Qualifikatioun ze verhëllefen. An do hëlleft deen Opbau vun ënnen natierlech net alles.

» Mme le Président.- Merci, Madame Minister. Domat ass de Punkt ofgeschloss, a mir kommen zum nächsten a leschte Punkt vun onsem Ordre du jour. Et ass d'Diskussioun iwwert de Projet de loi 5805, deen de Code du Travail modifizéiert. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här John Castegnaro.



9. 5805 - Projet de loi portant modification du Code du Travail

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

» M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.- Madame Presidentin, Madame Minister, Kolleginnen a Kollegen, et geet haut, wéi d'Presidentin dat gesot huet, ëm eng Modifikatioun vum Code du Travail iwwert de Projet de loi 5805. Mir erliewen a mir wäerten nach erliewen, dass ëmmer öfters de Code du Travail muss ugepasst ginn.

De Problem ass, dass déi Titelen, déi dann iwwert de Projets de loi stinn, sech wéi e Geheimcode unhéieren an net méi siichtbar ass respektiv net méi erëmgé gëtt, ëm wat et sech eigentlech inhaltlech handelt. Mä dat läit an der Natur vum Code du Travail, a senger Roll an a sengem Opbau.

Mä haut geet et da bei deem, wat mer solle maachen, ëm d'berufflech Weiterbildung an d'staatlech finanziell Ënnerstëtzung vun de Betriber, déi do matmaachen. Fir dat kënnen nei ze organiséieren, muss d'Basisgesetz vum 22. Juni 1999 ëmgeännert ginn, an dat eben, andeem den Artikel 542 aus dem Code du Travail och geännert gëtt.

Den Intitulé vum Gesetz vum 22. Juni 1999 erspueren ech lech, well e riseg laang ass, mä eigentlech gëtt dat do ëmschriwwen ënner anerem als „un système de soutien de la formation professionnelle continue dans les entreprises“. Et geet schlicht an einfach ëm d'berufflech Weiterbildung an ëm dat, wat mer op Lëtzebuergesch „lifelong learning“ nennen.

De Projet de loi ass den 22. November 2007 hei deponéiert ginn. D'Beruffschamberen hu kuerz duerno hir Avisen ofginn, an och de Conseil d'État huet sech den 23. September dëst Joer derzou geäussert. Déi zoustänneg Parlamentskommissioun huet an zwou Sitzunge Stellung bezunn an de 15. Oktober de Rapport verabschit.

Eng positiv Approche gouf et vun alle Säiten, wann och d'Privatbeamtechamber an d'Arbeiterkammer deels eng méi kritesch Approche haten, déi dora bestan huet, dass se soen, dass mat deem Projet hei d'Grousszüegkeet géif agefouert ginn a fir si d'Gefor géif bestoen, dass manner Qualitéit herno an der berufflecher Weiterbildung géif ugebuede ginn.

Ech wëll elo scho profitéieren, fir all deene Merci ze soen, déi hei matgeschafft hunn.

Zum Inhalt e puer Bemierkungen. Mir hunn hei d'lescht Woch am Débat iwwert d'Lissabon-Strategie an domat iwwert déi onendlech Diskussioun a permanent Diskussioun fir méi Wirtschaftswuesstum a méi Beschäftegung eigentlech en Deel vun där Problematik ugeschwat. Dee Projet de loi vun haut reit sech wéi e Mosaiksteen a vill Moosnamen an, déi noutwendeg sinn, wann een déi Ziler vu Lissabon wëllt erreechen.

Dëse Projet de loi huet eng duebel Funktioun - wat net ëmmer esou ass -, déi dora besteet, souwuel d'Interesse vun de Salariéen ze verrieden, mä och déi vun de Betriber. Dat erkläert sech doduerch, dass mer mat engem permanenten technesche Wandel konfrontéiert sinn, deen ëmmer méi grouss Ufuerderungen un d'Arbeitnehmer stellt, an deen et duerfir noutwendeg mécht, dass ee konkret Moosnamen am Beräich vum „lifelong learning“ entwéckelt, am Sënn vun där beschter Qualifikatioun.

Ech wëll hei eng Klammer opmaachen, fir drop hinzeweisen, dass mer deemnächst d'Basisgesetz vun der Berufsausbildung hei wäerten diskutéieren. De Projet de loi 5622 ass sprooch- an diskussionsräif, well mer d'Aarbechten d'lescht Woch an der Kommissioun konnten ofschléissen a mer dervun ausginn, dass mer Enn November de Projet hei zum Vote kënnen stellen.

Nach eng Kéier: Déi beschte Qualifikatioun an déi regelméisseg Upassung un d'technesch Entwécklung erfuerderen eben, dass een all Viraussetzunge schaaft an dass et domat méiglech gëtt, dass een an d'Lag versat gëtt, liewenslaang léieren ze kënnen. Dat féiert derzou, dass a) de Risiko vun engem Aarbechtsplazverloscht méi kleng gëtt, a b) d'Chance méi grouss gëtt, dass déi Betreffen, déi permanent léieren, och méi kënnen verdéngen a sech kënnen eng besser Stellung an hire Betriber erschaffen.

Et muss een awer och an deesen Zäiten derbäi soen, dass an där Zäit, an där mer liewen, wou Mobilitéit a Flexibilitéit verlaangt sinn, et nach ëmmer keng absolut Beschäftigungsgarantie gëtt. Dat ännert och näischt mat deem Projet de loi hei. Mä wann een op där anerer Säit vill léiert, wann ee sech permanent adaptéiert, ass d'Chance awer méi grouss, wann een eng Aarbechtsplaz verléiert, dass een eng nei ka méi schnell oder iwwerhaapt fannen doduerch, dass ee méi eng héich Qualifikatioun huet.

Dat Gesetz, wat mer mat dësem Projet de loi reforméieren, ass eréischt e puer Joer al. Et ass den 1. Januar 2000 a Kraaft getratt an huet direkt en enorme Succès kennt. Dat dréckt sech an e puer Zuelen aus. Am Joer 2000 gouf et 167 Demandé säitens de Betriber. Déi sinn 2006 op 500 Dossieren ugewuess. De Schéinheitsfeeler läit dora, dass et wéineg bis guer keng kleng Betriber gouf, déi sech dofir interesséiere konnten. De finanziellen Impakt vun deem Gesetz huet 118 Milliounen an der Zäitspan 2000 bis 2006 bedroen. Et gesäit een also, dass dat schonn unerkannt a genotzt ginn ass.

Mä wann de Succès hätt kënnen méi grouss sinn, dann erkläert sech dat dora, dass mer besonnesch déi kleng Betriber net interesséiere konnten, duerch schwéierfällg Prozeduren an duerch Grenzwärter, déi esou ware wéi se waren, nämlech, dass de Montant, de Käschtpunkt fir de Plan de formation bei 12.395 Euro respektiv mindestens 0,5% vun der Masse salariale vun de leschten dräi Joer huet misse bedroen. Da waren dat Saachen, déi net jiddferee konnt esou novollzéien. Déi Lourdeur administrative huet et deene kleng Betriber

praktesch onméiglech gemaach, fir dobäi matzemaachen.

» Une voix.- Ganz richtig.

» M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.- Wéi scho gesot, wëlle mer dat Gesetz vun 1999 haut mat de prakteschen Erkenntnisser, déi sech elo a sechs Joer zesummedroen hunn, erweideren. Mir wëllen den Aktionsradius méi grouss maachen a mir wëlle virun allem d'Schwéierfällgkeet eraushuelen an e wéineg mat manner restriktiven Dispositionen d'Attraktivitéit erhéien.

D'Objektiv also vum Projet de loi, dat erreecht soll ginn, ass a) méi Betriber an och méi kleng Betriber un de Weiterbildungsmoosnamen duerch vereinfacht Prozeduren an de staatleche Kofinanzement méiglech ze maachen, a b) domadder natierlech och méi Salariéen ze erreechen, fir dass si hir Kompetenz kënnen verbessern. Dat bedeit fir si méi Chancen, mä et bedeit och fir d'Betriber méi Kompetitivitéit, méi Performance, méi Qualitéit, eng besser Konkurrenzféegkeet. Esou gesinn, ass souwuel de Betrib wéi de Salarié Gewënner.

Am Résumé, wat de Projet de loi ubelaangt:

Éischtens ginn déi Montanten, fir de Plan de formation opzestellen, changéiert. An zwar gi se vun 12.395 op 75.000 Euro eropgesat. Dat féiert derzou, dass eigentlech 20% vun den Entreprisë vun enger méi einfacher Prozedur profitéiere kënnen, well se dann nach just ee Plan de formation auszeschaffen hunn, deen aus engem Dokument besteet - e Bilan annuel -, amplat vun zwee - Demande d'approbation a Rapport final -, wéi et elo de Fall ass, wat vill administrativen Opwand fir d'Betriber bedeit huet.

Zweetens, e Plus besteet dora, dass d'Donnéeën, déi d'Betriber am Plan de formation musse weisen, och reduzéiert ginn. Esou brauchen d'Betriber just Donnéeën unzeginn, déi beim Plangen an Opstelle vu Weiterbildungsmoosname wierklech relevant sinn.

Drëttens, de Kritär, dass den Investissement a Weiterbildungsmoosname mindestens 0,5% vun der duerchschnëttlecher Masse salariale vun deene leschten dräi Joer vum Betrib uitgemaach muss hunn, gëtt fale gelooss. Och esou kënnen méi Entreprisë vun der staatlecher Ënnerstëtzung profitéieren an dobäi eben erëm eng Kéier virun allem déi kleng, mä och eng ganz Rei vu Mëttelbetriber.

Véiertens, d'Formatioun fir Persounen, déi a Sous-traitance bei Betriber schaffen, ass och elo méiglech. Déi ginn also och éligibel fir e staatleche Kofinanzement.

Fënneftens - dat muss een ervirsträichen -, 50% vun der Ausbildungszäit muss während der normaler Aarbechtszäit duerchgeféiert ginn a gëllt als Aarbechtszäit.

Sechstens, betraff sinn d'Salariéen, déi bei Lëtzebuurger Gesellschaften schaffen, déi hei etabliert si respektiv déi bei der Lëtzebuurger Sécurité sociale affiliéiert sinn; an dat alles am Privatsektor.

Siwentens, den INFPC, also den Institut national de la formation professionnelle continue, bleift responsabel fir d'Ofwécklung an ass duerfir och personell an informatesch opgestockt ginn. Do waren an der Vergaangenheet Problemer. Déi sinn elo behuewen.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Op déi Fro vun der Qualitéit an der Kontroll, do muss een drop hiweisen - dat ass jo eng Fro, déi, wéi ech gesot hunn, d'Arbeiterkammer an d'Privatbeamtechamber opgeworf hunn -, dass déi Formatiounen ausschliesslech a staatlech unerkannte Schoulen am In- an am Ausland stattfannen an deenen normale Kontrollen do ënnerleien.

Fazit: Dëst Gesetz soll d'Zuel vun de Betriber an de Salariéen erhéien. A wann et 2006 500 Betriber waren, déi sech ugemellt haten an déi ronn 92.000 Salariéen - wat en Drëttel vun de Gesamtbeschäftegten ouni Sektour public duerstellt - representéieren, da wäert dat sech veränneren. Mä et muss een derbäi soen, dass déi 500 Betriber virun allem aus véier grouss Branchë komm sinn an dass aner Branchë wéi de Commerce, de Bau, d'Hotelen, d'Restauration net konnte matmaachen, well se den administrativen Opwand net ronnkritt hunn. Déi Simplification administrative, déi hei och stattfënn, wäert dat ebe veränneren a grondsätzlech verbessern.

Ech wëllt nach eng Kéier alle Kommissionsmitglieder Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht. Ech wëll och drop hiweisen, dass d'LSAP dëse Projet de loi stëmme wäert.

Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Castegnaro. D'Wuert huet elo d'Madame Hetto.

Discussion générale

» **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir unzefänken dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi gudde mëndlechen an och schrëftleche Rapport.

2000 gouf e Gesetz agefouert, dat dem Stat et erméiglecht, d'Weiderbildung an de Betriber finanziell ze ënnerstëtzen.

Dës Ënnerstëtzungsbestëmmunge goufe vum Code du Travail iwwerholl.

D'Weiderbildung vum Personal an de Betriber ass eng fundamental Measure, well si erméiglecht, dass d'Employéen hiert Wëssen an hir Kompetenze permanent un d'Entwécklung vun de Produktiouns-, den Organisatiouns- an och de Verkaufstechnike vun de Betriber upassen. Doriwwer eraus erlaabt d'Formation continue de Salariéen an hire Virgesetzten awer och, sech op eng aner professionell Aktivitéit respektiv méi eng exigent Aarbecht virzebereeden, déi den Aarbechtsmarché eventuell verlaangt.

Et gëtt hei zu Lëtzebuerg eng ganz Partie Betriber, déi an d'Weiderbildung vun hirem Personal investéieren an och schonn investéiert hunn. De Produktiounsfacteur „Wëssen“ gewënnt ëmmer méi u Bedeitung. A wa Weiderbildung no un der Aarbechtsplaz geschitt, ergëtt sech doraus de Virdeel, dass eng genee Bedarfsanalys an och eng bedarfsorientéiert Bildung méiglech ass. Esou geléngt et am beschten, sech geziilt a käschtespuerend op d'Aarbechtswelt vu muer ze preparéieren.

Madame Minister, an deem Kontext ass mer e Saz an d'A gesprongen, deem an der Broschür vun der Reform vun der Formation professionnelle steet an dee sécherlech och heifir zoutreëft: „Et kann ee säin Job vun haut net mat de Methode vu gëschter ausféieren an dobäi hoffen, am grouse Geschäft vu muer derbäi ze sinn.“ Genee dorëms geet et bei der Formation continue an de Betriber.

Zënter d'Weiderbildungsprogrammer finanziell vum Stat ënnerstëtzt ginn, ass d'Zuel vun den Dossier, déi eragerecht goufen, permanent gewuess. De Rapporteur ass och schonn drop agaangen. Am Joer 2006 si 500 Ufroe fir eng staatlech Ënnerstëtzung erageschéckt ginn. Am Joer 2000 waren et der eréischt 167.

Dem Stat seng Ausgabe fir déi finanziell Bedeelegung un de Betriber hirer Weiderbildung si vun 12 Milliounen am Joer 2000 op 20.000 Milliounen am Joer 2005 geklommen. Dobäi variéieren déi Dépenses natierlech ëmmer a Fonctioun vun der Unzuel vun de Betriber, déi op dës Hëllefren zréckgräifen, an a Fonctioun vum Investissement, deem d'Entreprisë getäteg hunn.

Dernieft spillen awer och eng ganz Rei extern Facteuren eng Roll, déi konjunktorell Situatioun, eventuell Fusione vun Entreprises, d'Astelle vun neie Mataarbechter oder och nach d'Benotze vun neien informatesche Systemer.

Fir an de Genoss vun de staatleche Bähëllefren ze kommen, mussen d'Betriber ee Formatiounsplang respektiv e Bilan annuel un den Educationsministère eraschécken. Bis ewell hunn d'Betriber dat och gemaach, awer dacks ënner engem enormen administrativen Opwand. Et ass awer esou, dass dës Bildungspläng aus ënnerschiddlechen externen Ursaachen, déi een net konnt virausgesinn, net ëmmer 100%eg konnten ëmgesat ginn; wat dann derzou gefouert huet, dass se vum Ministère net ugeholl goufen.

Fir also d'Formation continue rigouréis kënnen ze plangen, fir der ëmmer méi grousser Demande nozekommen an en vue och vun enger Simplification administrative hu sech Ännerungen an deem Gesetz opgedrängt. An deem Projet de loi 5805 ginn also folgend Haaptännerunge virgeholl:

Éischtens: D'Prozedur, fir eng Ënnerstëtzung ze kréien, gëtt vereinfacht. An Zukunft brauch e Betrib eréischt dann eng ministeriell Approbatioun unzefroen an en detailléierte Formatiounsplang ze presentéieren, wann déi Formatioun méi wéi 75.000 Euro kascht. Heiranner mussen dann awer d'Objektiver, d'Dauer vun der Formatioun, d'Käschten an den Avis vun der Personaldelegatioun festgehal ginn. Momentan läit de Montant bei 12.395 Euro.

Läit e Betrib also ënnert dem Montant vu 75.000 Euro, da geet et duer, dass e just de Joresbilan vun de realiséierte Formatioune

presentéiert. 20% vun deene Betriber, déi eng Demande gemaach hunn, géife vun dëser vereinfachter administrativer Prozedur profitéieren.

Zweetens: An Zukunft kënnen och Leit an de Weiderbildungsprogramm opgeholl ginn, déi fir de Betrib, deem eng Demande mécht, als Sous-traitant schaffen.

Drëttens: An Zukunft brauch sech och e Betrib, wat den Invest a Formatioune ubelaangt, net méi un d'Limite vun 0,5% vun der Moyenne vun der Masse salariale vun de leschten dräi Joer ze halen. Duerch dës Measure kënnen da vill méi Salariéë vun enger Weiderbildung profitéieren.

D'CSV begréisst selbstverständlech all dës Changementer um Gesetz, well se derzou féiere wäerten, dass wesentlech méi Betriber a Weiderbildungsprogrammer investéieren. D'Betriber sinn deemno gefuerdert, a Relatioun mat hirer Produktiouns- a Gestionsstrategie qualitativ héichwäerteg an effizient Formatioune unzebidden.

Nëmmen esou kann d'Personal op d'Erausforderungen, déi duerch d'Entwécklung vum Betrib op si duerkommen, virbereet ginn. Nëmmen esou kann de Chef d'entreprise sech nei Kompetenzen uneegnen, souwuel a senger Spezialisatioun, fir kënnen a komplexe Systemer ze denken an dës organisatoresch ëmzesetzen, wéi och - an dat ass och ganz wichteg - am Éingang mat senger Mataarbechter. An nëmmen esou kann d'Personal sech déi noutwendeg Kompetenzen uneegnen, fir den Ufuerderung vum Aarbechtsmarché vu muer gerecht ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech bréngen och den Accord vu menger Fraktioun.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Madame Hetto. Den nächste Riedner ass den Här Eugène Berger. Här Berger, wann ech gelift.

» **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. Dat mécht et engem och méi einfach, fir dann nach duerno d'Wuert ze ergräifen, respektiv kann een och da méi kuerz sinn. Ech géif mech duerfir op zwou, dräi Remarque beschränken.

Éischtens wëllt ech nach eng Kéier d'Wichtigkeet vun der Weiderbildung ënnersträichen; dat an enger Aarbechtswelt, déi a permanenter Evolutioun ass a wou bal all Dag nei Erausforderungen op d'Betriber an natierlech och op hir Mataarbechter zoukommen.

D'Weiderbildung muss e permanent Uleies fir d'Betriber sinn, fir datt hiert Personal ëmmer un leschte Stand vun Know-how ass, fir datt d'Entreprise performant bleift. Dat ass dann ënnert dem Stréch och e Plus fir d'Kompetitivitéit. Mir hate jo d'lescht Woch eng Debatt hei an der Chamber iwwert de Prozess vu Lissabon, an do ass jo méi wéi eng Kéier op d'Wichtigkeet eben och an deem Beräich vun der Weiderbildung higewise ginn.

D'Weiderbildung, de Lifelong learning, muss awer och eng permanent Erausforderung fir den eenzelne Mënsch an der Berufswelt sinn. Doduerch, datt ee sech weiderbilt, bleift een e kompetente Mataarbechter am Betrib, bleift een um leschte Stand vun der Exzellenz vu sengem Beruff. An doduerjer verbessert een och da seng Positioun an engem Betrib, mécht sech nei Chancen op, zum Beispill wann ee wëllt Carrière an engem Betrib maachen oder vläicht een aneren, méi responsabele Poste kréien.

Och vläicht wann dat net ëmmer déi éischt Motivatioun ass, kann eng performant Weiderbildung et och erméiglechen, fir besser gestiwelt ze sinn, wann een entweder wëllt oder leider heiansdo och muss de Betrib changéieren; wat jo an de leschten Zäiten och méi oft op der Dagesaktualitéit ass.

Ouni elo all déi Iddien nach weider vill wëllen auszebreen, ze verdéiwen, kënnen mer alleguerten dermat d'accord sinn, datt d'Weiderbildung eng Plus-value ass, souwuel fir de Betrib op där enger Säit wéi awer och fir d'Employéen op där anerer Säit. Duerfir gëtt och net a Fro gestallt, datt mer d'Betriber bei deenen Efforten an deem Beräich sollen ënnerstëtzen a se dobäi och uspornen.

Mir haten Dispositiounen am Code du Travail, déi staatlech Ënnerstëtzung fir déi Betriber virgesinn hunn, déi an d'Weiderbildung investéieren. D'Erfahrung an d'Praxis hunn eben elo gewisen, datt déi

Dispositiounen e bëssen ze komplizéiert an der Prozedur waren an duerfir vläicht och net genuch Betriber Hëllefren ugefrot hu respektiv incitéiert gi sinn, fir an d'Weiderbildung ze investéieren.

Mir hu kuerz d'Zuelen an der Kommissioun diskutéiert: Ronn 500 Entreprises, ronn 92.000 Leit, sinn an de Genoss vun esou Hëllefren komm. Do kann ee sech elo froen: Ass dat vill? Net genuch? Wann ee bedenkt, datt dat awer nëmmen an Drëttel vun de Beschäftegten hei zu Lëtzebuerg ass, kann ee soen: Dat geet sécherlech net duer.

Et ass och scho virdru vum Rapporteur gesot ginn, datt ee virun allem och festgestallt huet, datt déi kleng Betriber net esou vill op déi Mesuren oder déi Méiglechkeeten do zréckgegraff hunn an datt dat sécherlech e Schwaachpunkt ass, deem ee muss verbesseren.

Dëse Projet de loi oder d'Ëmännerung vun deem bestehende Code du Travail gesäit also elo Dispositiounen am Sënn vun de Betriber vir, datt nach méi Betriber an d'Formation continue investéieren, datt do also verschidden Ëmännerunge virgeholl gi sinn, déi de Rapporteur am Detail hei virgestallt huet.

An engem Wuert: De Mot d'ordre war hei virun allem „Simplification administrative“. Wat mer och ganz ausdrécklech begrëissen, well d'DP huet scho méi wéi eng Kéier hei op der Tribün gefrot, fir méi konsequent an allen Domänen d'administrativ Prozedure beim Stat ze vereinfachen. Hei hu mer dat emol eng Kéier ganz schnell fäerdig bruecht, dat am Intérêt vun de schaffende Leit an de Betriber. Duerfir kënnen mir och voll dës vereinfacht Mesuren am Intérêt vun der Weiderbildung ënnerstëtzen. Mir stëmmen och dëse Projet de loi a mir hoffen, datt domat och an Zukunft nach méi Betriber da wäerte vun där Offer profitéieren.

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Berger. Den nächste Riedner ass den Här Adam.

» **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Här President, kréien ech d'Wuert och nach?

» **M. le Président.**- Den Här Gibéryen kënnt och nach.

» **M. Claude Adam** (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Minister, ech soen dem Rapporteur, dem honorabelen Här Castegnaro, Merci fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. Dee Rapport an d'Ausféierung vu menge Virriedner erlabe mir et mech kuerzzefaassen.

D'Zil vun deem neie Gesetz ass et, fir eng Rei administrativ Démarchë méi einfach ze maachen, fir nach méi enger grousser Zuel vu Betriber den Zougang zu staatlechen Hëllefren am Kader vun der berufflecher Weiderbildung zougänglech ze maachen. D'Wichtigkeet vum sougenannte Lifelong learning soll domat souwuel fir d'Betriber wéi fir d'Salariéen nach weider ervirgehewe ginn.

Souwuel de Statsrot wéi och d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers begrëissen dëst Gesetz. Déi Mesuren, déi vun dësen zwou Kummere begrëisst ginn, ginn awer vun der Aarbechter- a vun der Privatbeamtékummer kritiséiert. Dës Kummere ginn ze bedenken, datt d'Eropsetze vum Montant vu bis elo 12.395 Euro op 75.000 Euro fir e Plan de formation mussen ze presentéieren an d'Opgi vum Critère d'éligibilité vun 0,5% vun der Moyenne vun der Masse salariale vun deene leschten dräi Exercicen zu enger Déresponsabilisatioun vun de Chefs d'entreprises kéinte féieren.

Besonnenesch d'Chambre de Travail bezweifelt, datt dat aalt Gesetz vum 22. Juni '99, dat am Januar 2000 a Kraaft getrueden ass an dat ënner anerem den Zougank zu staatlechen Hëllefren an d'Entwécklung vun der berufflecher Weiderbildung vun Entreprises zum Zil hat, e Succès war, esou wéi dat am Exposé des motifs steet. Well jo haaptsächlech d'Banke bis elo de gréissten Deel vun de staatleche Gelder akasséiert hunn, a well ee kann dovun ausgoen, datt d'Banken och an d'Weiderbildung vun hirem Personal investéiert hätten, wa se keng staatlech Hëllef kritt hätten, schreift dës Kummer an hirem Rapport, an ech zitéieren: «La question de la pertinence de la loi et celle du gaspillage des deniers publics qui y est liée continuent à se poser.»

Mir huelen dës Bedenken net op déi liicht Schëller, ginn awer dovun aus - an dat ass och hei vun all Riedner betount ginn -, datt grad duerch déi nei Mesuren an deem Gesetz den Zougank méi einfach gëtt fir déi kleng a mëttelstänneg Betriber, fir datt dat Ongläichgewicht vun den Hëllefren zu-

gongschte vun de groussen Entreprisë mat deem neie Gesetz an een aneren, besseren Equiliber kënnt. Duerfir bréngen ech och den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem Gesetz.

Erlaabt mer zum Schluss nach eng Fro an eng Ureegung. Meng Fro ass: Kann een dovunner ausgoen, datt déi Commission consultative, déi mat dem Amendement vum Gesetz vum 2002 an d'Liewe geruff ginn ass, fir déi Mesuren ze begleeten, hir Aarbecht weidermécht a mer och eng Evaluatioun kréien, fir ze gesinn, ob dat Gesetz an déi Richtung geet, wéi mer eis et alleguerten erhoffen?

An eng Ureegung: Et ass jo kloer, datt dat Gesetz hei d'öffentlech Hand ausschléisst. Do ass eng gewësse Logik derhannert. Mä mir denken, et wier vläicht sënnavoll, sech ze iwwerleeën, ob een net och kéint esou Mesurë fir d'Gemengen ergräifen, déi jo och un enger Weiderbildung vun hirem Personal interesséiert sinn. Well och déi Weiderbildung ka ganz villsäiteg sinn, an et kéint ee sech iwwerleeën, wéi een d'Gemengen do mat abezéie kéint.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **M. le Président.**- Merci, Här Adam. De leschte Riedner ass den Här Gibéryen.

» **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och dem Kolleeg John Castegnaro Merci soen, well hie war wierklech komplett a sengen Ausféierungen, wat de Rapport zu deem Projet de loi ubelaangt. Dat hunn ech och bei menge Virriedner gemierkt, esou datt kee méi ka vill derbäifügen, wat den Inhalt vun deem Projet de loi ubelaangt, ausser datt mer versichen nach déi eng oder déi aner allgemeng Remarque ze maachen.

D'Weiderbildung ass fir jiddferee vun eis heibannen e wichtige Punkt, a jiddfereen heibannen huet, an all deenen Diskussiounen, déi mer an de leschte Jore gefouert hunn, ëmmer en Akzent op d'Weiderbildung geluecht. D'Weiderbildung ass wichteg fir d'Betriber, se ass awer och wichteg fir d'Salariat, an duerfir ass et wichteg, géif ech soen, fir eis national Ekonomie, wa mer e Maximum vu Leit un enger Weiderbildung participéiere loossen, fir se am Interessi vun eiser Ekonomie an an hirem perséinlechen Interessi kënnen anzesetzen.

Weiderbildung gëtt awer nëmme profitéiert, vun de Betriber a vun de Leit, wa se akzeptabel ass, wa se praktikabel ass, souwuel wat d'Prozedure wéi d'Fonctionnement vun der Weiderbildung ubelaangt. Duerfir ass et wichteg, datt een e Gesetz huet, an datt ee sechs Joer duerno Erkenntnisser erauszitt, wat gutt ass a wat positiv ass, an dann eben déi Korrekturen ubréngt, déi néideg sinn. Dat, wat an deem Gesetz gemaach gëtt, ass nun emol einfach déi Korrektur, déi verlaangt ginn ass, fir datt all d'Betriber, virun allem och méi kleng Betriber, kënnen vun der Weiderbildung profitéieren, well mer eben elo, kann ee soen, eng Procédure simplifiée hei uwenden.

Mir schwätze praktesch permanent - och wa mer iwwer eis Betriber, wa mer iwwert d'Mëttelstandspolitik heibannen diskutéieren - vun der administrativer Vereinfachung. Et gëtt ëmmer kritiséiert, datt vill doriwwer diskutéiert gëtt, awer wéineg an der Praxis geschitt. Ech sinn ee Politiker, dee léiwer eng Politik vu klengen Schrëtt gesäit, wéi datt ee mengt, et misst een ze vill an en Déppen erantässelen, an da kritt een näischt realiséiert. Dat hei ass ee klengen Schratt, awer ee wichtige Schratt an deem Domän.

Ech wier frou, wa mer nach vill weider där Schrëtt kéinten ënnerhuelen, net nëmmen am Kader vun der Weiderbildung, mä insgesamt. Wéi laang schwätze mer elo schonns heibannen zum Beispill vun engem Guichet unique fir d'Betriber, wat mer awer nach ëmmer net realiséiert hunn! Duerfir sinn ech awer zumindest frou, datt mer hei, wat d'Weiderbildung ubelaangt, elo eng Procédure simplifiée realiséiert hunn, an dovunner kënnen dann, wéi gesot, och méi kleng Betriber profitéieren.

Et huet kee Wäert méi, datt ech op d'Technik oder op d'Chifferen aginn, se sinn

elo schonn e puermol genannt ginn. Et bleift mer duerfir nach just d'Zoustëmmung vun eisem Grupp ze bréngen.

» **M. le Président.**- Merci, Här Gibéryen. D'Madame Unterrechtsministerin huet d'Wuert.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Merci, Här President. Och ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport, a wéi de John Castegnaro et gesot huet, ass dat Gesetz hei e klengt Element fir d'Strategie vu Lissabon. E klengt Element, mä et ass een Element, fir d'Kompetitivitéit vun eise Betriber ze verbesseren.

D'Gesetz vun 1999, wat also d'Ënnerstëtzung an d'Entwécklung vun der Formation professionnelle continue als Objet hat, war e gutt Gesetz. Ech wëll dat awer hei ënnersträichen. Et huet haaptsächlech och dozou gefouert, dass déi Betriber, déi wollte vun der finanzieller Hëllef vum Stat profitéieren - all meng Virriedner hunn hei gesot, dass dat haaptsächlech déi grouss Entreprisé waren, déi souwisou Formation continue fir hir Leit gemaach hunn -, an ee Kader erabruecht goufen, dass e Plang do war, dass eng lwwerleeung do war, wat d'Strategie ass, an dass dann och e Bilan dovunner gemaach ginn ass. En éischte Pluspunkt vun deem Gesetz war also, dass

mer eng besser Strukturatioun an eng besser Reflexioun iwwert dat, wat d'Zil vun der Formation continue ass, an de Betriber hunn, an duerfir war et scho richtig, dat Gesetz deemools ze stëmmen.

De Succès vum Gesetz beweist dat jo och. Mir hunn d'lescht Joer 25 Milliounen Euro als Hëllef fir d'Weiderbildung am Betrib un d'Betriber ausbezuelt. Wann een ausrechent, dass dat ongeféier 14% vum ganze Chiffer ass, da weess ee jo, wéi ee Montant zu Lëtzebuerg a betriblech Weiderbildung gestach gëtt. Dat ass substanzieel, an dat ass och wichteg fir d'Leit an de Betriber a fir d'Betriber selwer.

Den Text, deen elo doläit, ass, wéi meng Virriedner all gesot hunn, eng administrativ Vereinfachung. Dat ass och d'Resultat vun den lwwerleeungen a Reflexiounen vun der Commission consultative, déi jo all Projet begleet, déi da Leitlinne festleet an déi zur Konklusioun kënnt, dass, wa mer gär e Schrëtt weiderginn - nodeems en éischte Schrëtt gemaach ginn ass, fir all déi grouss Entreprises dran ze kréien - an d'PMEE wëlle mat implizéieren, mer net raisonnablement vun hinne verlaange kënnen, dass se an engem Joer eigentlech zwee grouss Efforté maachen, eng Kéier e Plang presentéieren, deen dann eng Approbatioun kritt, an duerno e Bilan, wat all Kéiers e ganz groussen Opwand ass, mä dass et duergeet, wa se eemol e Bilan presentéieren an dann hir Hëllef kréien. Duerfir gëtt dee Seuil vun 12.395 op 75.000 Euro gehuewen. Ech hoffen, dass mer dat Zil, wat mer eis fixéiert hunn, dat heescht, méi mëttel a kleng Betriber an déi Pläng vu Formation professionnelle continue eranzekréien, mat dësem Gesetz erreechen.

Et kann een ëmmer driwwer nodenken, wat mer nach alles als Instrumenter mussen opbaue fir d'Formation continue an anere Secteuren, wéi zum Beispill an de Gemengen, mä dat ass elo net den Objet vun dësem Gesetz, an ech mengen, denke kann een ëmmer weider. Duerfir wollt ech lech alleguerte Merci soe fir déi interessant Bäiträg, a sämtlechen Deputéierte Merci soe fir dee breeden Accord, an ech si frou, wann dat Gesetz hei gestëmmt gëtt, dass déi Ännerunge kënnen fir den 1. Januar 2009 a Kraaft treden.

Villmools Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Madame Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. Dir fannt den Text am Document parlementaire 5805°.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Gesetz 5805 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Enthaltung a kenger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Marcel Oberweis), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Lucien Clement), Marc Spautz (par Mme Nancy

Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Weiler (par M. Norbert Hauptert) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Romain Schneider), Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn elo um Schluss vun der Sëtzung ukomm. Muer treffe mer eis dann erëm um hallwer dräi.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.13 heures)

SÉANCE 5

Présidence: M. Lucien Weiler, Président

Sommaire

1. Communication
 - *M. le Président*
2. Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP sur le nouveau plan hospitalier
 - *Exposé: Mme Lydia Mutsch*
 - *Débat: Mme Martine Stein-Mergen, M. Carlo Wagner, M. Jean Huss, M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*

* * *

Mme Vera Spautz - M. le Président
3. Ordre du jour
 - *M. le Président*
4. 5882 - Projet de loi portant création de la Commission consultative des droits de l'Homme du Grand-Duché de Luxembourg
 - *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: Mme Lydie Err (déposant une motion et une résolution)*
 - *Discussion générale: M. Marcel Glesener, M. Charles Goerens, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes, Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration*
 - *Vote et dispense du second vote constitutionnel*
 - *Motion 1 et résolution 1: adoptées*
5. Question avec débat N°39 de Mme Vera Spautz au sujet du fonctionnement de la Caisse nationale des Prestations familiales
 - *Mme Vera Spautz - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. François Biltgen et Mars Di Bartolomeo, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

» **M. le Président.**- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

» **M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Neen, Här President.

1. Communication

» **M. le Président.**- Ech hu folgend Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen:

En date du 12 au 13 octobre 2008 s'est tenue une réunion extraordinaire de l'Assemblée parlementaire euro-méditerranéenne (APEM) à Amman (Jordanie).

La Chambre des Députés y était représentée par Mme Lydie Err, Présidente de la délégation luxembourgeoise auprès de l'APEM, Mme Martine Stein-Mergen, Vice-Présidente et M. Xavier Bettel, Membre de la délégation luxembourgeoise.

À l'ordre du jour figuraient notamment des discours de M. Hans-Gert Pöttering, Président de l'APEM et du Parlement européen, de M. Abdel-Hadi Majali, Vice-Président de l'APEM et Président du Parlement jordanien ainsi que de M. Nader Dahabi, Premier Ministre du Royaume hachémite de Jordanie. L'Assemblée a adopté une recommandation sur le rôle de l'APEM au sein du Processus de Barcelone: une Union pour la Méditerranée ainsi qu'une déclaration sur le Processus de Paix au Proche-Orient.

Mme Lydie Err et Mme Martine Stein-Mergen ont également participé à une réunion sur l'énergie solaire et la désalinisation de l'eau de mer.

Mme Martine Stein-Mergen a assisté à une réunion de la commission politique, de sécurité et des droits de l'Homme qui s'est tenue le 11 octobre 2008.

Fir haut de Mëtteg hu mer op eisem Ordre du jour, esou wéi dat gëschter arrêtéiert ginn ass, fir d'éischt eng Aktualitéitsstonn iwwert den neie Plan hospitalier. D'LSAP-Fraktioun huet dës Aktualitéitsstonn ugefrot. D'Riedezäit ass am Artikel 84 (2) vum Chamberreglement festgehalten a gesäit Folgendes vir:

Déi Fraktioun, déi ufreet, huet zéng Minutten, déi aner Fraktiounen jeeweils, Här Wagner, fënnf Minutten, an d'Sensibilités politiques zwou Minutten. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Lydia Mutsch als Vertriederin vun der LSAP-Fraktioun. Madame Mutsch, wann ech gelift.

2. Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP sur le nouveau plan hospitalier

» **Mme Lydia Mutsch** (*LSAP*).- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, Här Minister, de Projet vum neie Plan hospitalier gouf als Exekutiounsinstrument vum Spidolsgesetz vun 1998 scho virum

Summer vun der Regierung guttgeheescht a fir d'Rentrée un de Statsrot weidergereecht. Mir kënnen eis heibannen nach gutt erënneren, dass beim leschte Spidolsplang, deen am Abrëll 2001 virgeluecht an 2006 liicht modifizéiert gouf, d'Chamber den ausdréckleche Wonsch hat, fir méi staark an d'Diskussiounen agebonnen ze ginn an d'Stoussrichtungen fir d'Zukunft matzebestëmmen.

Dofir sinn ech frou, dass mer haut d'Geleeënheet hunn, fir d'Gesamtausrichtung ze kommentéieren, an domat och déi rezent Offer vum Minister kënnen unhuelen, iwwert den Detail an der Gesondheetskommisioun weiderzediskutéieren. Et ass esou wéi et muss sinn.

Dass sech d'Spidolslandschaft vun engem Land, och wann et esou kleng ass wéi Lëtzebuerg, net vun haut op muer ännere léisst, weist d'Tatsaach, dass schonn ënnert dem Gesondheitsminister Lahure mat der Sema-Etüd d'Jaloné gesat goufe fir déi zukünfteg Entwécklung vum Spidolswiesen. Deemools gouf, wann och nach méi zaghaft, e Kader fir d'gesondheetspolitesch Zukunft vum Land skizzéiert, net ouni d'Fangereen op eis Faiblessen ze leeën, mä virun allem op déi enorm Potenzialitéite fir d'Verbesserung vun der gesondheetlecher Versuergung fir d'Lëtzebuurger Populatioun hinzeweisen.

Haut sti mer matzen dran an där Phase de transition, dem Remodelage vun eiser Spidolslandschaft, dee mam Spidolsgesetz vun 1998 - also deem leschten neien - an d'Weeër geleet gi war. Hat de Spidolsplang 2001 nach virrangeg d'Vocatioun, fir de schwierregen Equiliber tëscht ze villen Haiser an ze villen Acteuren hierzestellen, esou hunn déi wichteg Regruppementer vun haut a vun de leschte Joren den enorm grouesse Mérite, dass dëse Plan hospitalier déi wichteg Pisté fir d'Zukunft mam Numm nenne kann, an domat déi iwwerfällg Debatt erlaabt, en neit Spidolsgesetz fir déi nächst zéng bis 15 Joer laangfristeg an nohalteg virzebereeden.

An déi Pisté sinn:

1. d'Qualitéit vun de Gesondheetssleeschtingen a vun de Soiné fir de Patient kontinuéierlech eropzesetzen, mat der beschtméiglecher Proximitéit an de Spideeler an de Services nationaux a vernetzt op nationalem Plang, mat festen Indicateuren, ob-